

# Bâtiment 4

## Et hätt sou schéin gi kënnen


*Eng kuerz Iwwersiicht vu Richtung22*



























Eng kuerz Iwwersiicht iwwer d'Aarbecht vu Richtung22 am Bâtiment 4, vun **Mee 2021 bis Abrëll 2024**. Et gëtt versicht a graffe Linnen zesummenzefaassen, wéi d'Zäit verlaf ass, vill Episoden a Momenter ginn dobäi natirlech ausgelooss. Mir erklären bei Interessi awer ganz gären am Detail wat nach geschitt ass.

*Renovatioun* ........................................ *3*
*Autogestioun* ........................................ *4*
*R22 Projeten* ........................................ *5*
*Problemer mat frEsch* ........................................ *9*
*Kritik a Protest* ........................................ *11*
*D'Zukunft* ........................................ *12*



# *Renovatioun vum Bâtiment 4*
# Räim fir kreativ Aarbecht







*Ausstellungsraum CUEVA a spéideren R22-Atelier*

2021: No der Ausstellung vu "CUEVA" um Enn vum Joer 2020 stoung de Bâtiment 4 éischt emol nees eng Zäit eidel, bis frEsch beim Appel "**Tiers Lieux**" vun der Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte Succès hat.








*Renovatioun vum spéideren R22-Büro*



*Renovatiouns- an Dekoratiounsaarbechten am B4*



Richtung22 kruut ee grousse Projet am Kader vun der Kulturhaaptstad accordéiert an huet, no 11 Joer ouni fest Doheem, **zu Esch eng Heemecht** fonnt. Dass d'Säll eigentlech nach net prett woren, fir dran ze schaffen, konnt eis net dovun ofhalen, eranzeplenneren. Mir hu selwer renovéiert. Net just eis eege Säll hu mir nei gemaach, mee och direkt eng Reih Gemeinschaftsäll, z.B. d'Cafeteria um zweete Stack.


# D'Organisatioun vum Bâtiment 4 **"Autogéré"**

Op der Websäit, déi frEsch fir de Bâtiment 4 maache gelooss huet, heescht et: "Ce Tiers-lieu est géré par un Collectif indépendant constitué des ses occupant.e.s et fondé sur l'inter-coopération des associations (Hariko, CELL, ILL, Richtung22, et bien d'autres…) et des publics". D'**Autogestioun vum Bâtiment 4** wor haaptsächlech doduerch méiglech, dass wéinst Esch2022 eng Reih Gruppen gréisser Projeten am Bâtiment 4 preparéiert hunn an sou déi kritesch Mass u Leit gebilt hunn, déi duerch fräiwëlleg Aarbecht den Alldag am Gebai organiséiert hunn.






*E Plenum am Bâtiment 4.*




*Schema Micro-Finanzement*

Richtung22 huet Erfahrungen vun aneren Autogestiounen an "Tiers-Lieux" uechter Europa mat an de Bâtiment 4 bruecht an huet wesentlech matgehollef, eng **basisdemokratesch Struktur** opzebauen. De Plenum, deen 4 mol am Joer stattfonnt hunn, gouf vun Richtung22 organiséiert an d'Konzepter fir d'Cerclen (Vie du Lieu, Finanzen, Gouvernance) vun eis mat opgestallt. Sou hu mir zum Beispill een erfollegräiche System vu Mikro-Finanzementer agefouert, mat deem d'Zesummenaarbecht vu Gruppen innerhalb vum B4 geférdert gouf.



*Murals am B4, koordinéiert duerch den Cercle "Vie du Lieu".*






Mir hunn z.B. och iwwer dat ganzt Joer 2022 e Rotatiounssystem fir d'**Mëttesiessen** um 2te Stack organiséiert, un deem och aner Kollektiver an eenzel Kënschtler*innen deelgeholl hunn.



*Prouwen fir een Theaterstéck, Februar 2024*

# *Kreatioun am Bâtiment 4*
# Konschtproduktioun





**a) Virbereedung vun eise Projeten am Bâtiment 4**

Richtung22 ass op d'Prouwräim am Bâtiment 4 ugewisen, well mir op deene jeweilegen Virstellungsplazen ëmmer just zäitlech limitéiert prouwe kënnen.

Projetskoordinatioun a Bürosaarbecht huet bis Ufank 2023 am Bâtiment 4 stattfonnt. Wéinst der grousser Unzuel u Projeten an der Zäit woren all Dag 8-12 Leit fest an eise Räim. Well et am Uschloss keng weider Finanzéierung gouf (Richtung22 kruut d'"Carte Blanche 2023" éischt am November 2023 accordéiert, eng Reih aner Kollektiver krute guer keng Folgefinanzéierung) hunn d'Aktivitéiten sech op eenzel Méint konzentréiert, mat Pausen dotëscht.



*Film-opnahmen am R22 Studio*



*Bühnebau am R22 Studio*

*Projetsbespriechung, Dezember 2022*



Richtung22 huet ee Bürosraum, een Atelier (deen nieft Kostüm a Requisite och fir Versammlungen genotzt gouf) an ee Studio (fir Filmshootings an och Bühnen- a Kulissebau) am Bâtiment 4, donieft notze mir eng Rei Gemeinschaftsräim mat.



*Öffentleche Workshop vu Richtung22 am Bâtiment 4*

### b) Events am Bâtiment 4

De Bâtiment 4 ass als Plaz fir kreativ Aarbecht entstanen, an mir hunn eis och als Richtung22 dofir agesat, dass d'Räim net an Ausstellungsfläch ëmgewandelt gi kënnen an net fir kommerziell Events ugelount gi sollen. Mir hunn zu enger Reih eegenen Evenementer bäigedroen, fir de Lieu méi bekannt ze maachen an och an der Noperschaft ze verankeren, och duerch eis Iddi vun engem **Noperschaftsfest** am Bâtiment 4.


Dat Event am Bâtiment 4 mat deem meeschte Public bis elo wor d'Esch2022-Ofschloss-Event "Endlech riwwer!" vu Richtung22 am Dezember 2022 mat iwwer 350 Gäscht deen Owend am Gebai. D'Event mat enger Show, enger Filmpremiere a 4 Concerten huet insgesamt eng 4.000€ kascht, am Géigesaz zur "Ouverture" vum B4, déi frEsch ouni Abannung vum B4-Kollektiv ee Joer virdrunn fir 50.000€ organiséiert hat (d'Kollektiv hat frEsch do ee Konzept fir 7.000€ virgeluecht, dat ignoréiert gouf).









*Film-screening virum Bâtiment 4*




*De Film "Esch a Flamen" gouf zesumme mat CELL produzéiert*

*D'R22 Bühnenequipe erstellt den Decor fir d'ILL Kannerbühn*



### c) Kollaboratioun innerhalb vum B4

Richtung22 schafft mat villen anere Kënschtler*innen a Kollektiver aus dem Bâtiment 4 enk zesummen, den **Austausch** an déi géigesäiteg Hëllef sinn och an der DNA vum Gebai, kënnen awer just funktionéieren, wann déi eenzel Leit eng Basisfinanzéierung hunn, sief et iwwer Projeten oder Konventiounen, a wierklech och reegelmässeg sur Place si kënnen.



*R22 Tounopnahmen am Studio vum Chris Reitz*




*R22 Filmdréi am Atelier vum Hariko-Kënschtler Stick*

*R22 Filmdréi an de Räim vun ILL*







## d) Vum B4 aus an d'Stad Esch

De Bâtiment 4 ass eng Basis, vun der aus sech d'Projeten vu Richtung22 op ganz Esch auswaite konnten. Während Esch2022 hu mir ë.a. dräi grouss Happenings an de Stroossen vun Esch an Noperschaftsscreenings fir de Film "Gosstown" iwwert de Wandel vun Esch organiséiert, an eng Zaitung zu Esch toute-boite verdeelt.

Och 2023 wore mir zu Esch aktiv, hu verschidde Plazen fir Filmdréis genotzt an d'Stéck "Mis(s) Representation" am Kader vun der Pride an der KuFa opgefouert.



*Dréih vun enger Clip-Serie zu Esch,*

*Zeitunge ginn verdeelt,*

*Theaterstéck "Esch ass dout" um Socle C, Belval*




*R22 Happening an de Stroossen vun Esch*



*Noperschaftsscreening op der Place des mines*

*Filmdréi Metzeschmelz*








*2022: frEsch léisst ouni Ofsproch mam Bâtiment 4-Kollekitv e Käfeg ronderëm d'Terrasse vum B4 installéieren a léisst de B4 no baussen wéi eng Festung wierken.*

# *Problemer tëscht frEsch an dem B4*
# D'Enn vun enger gudder Iddi

**a) Onverständnis**

Den Escher Kulturservice a frEsch hu sech Uganks ganz aus der Gestioun vum Alldag am Bâtiment 4 rausgehalen, bis op d'Organisatioun vun enger iwwerdimensionéierter Ouverture. Op klenge Punkten ass de Kollektiv vum Bâtiment 4 ëmmer nees mat frEsch geclasht, z.B. bei der Fro no den Öffnungszäiten (frEsch wollt ursprénglech de B4 Owes ab 22h00 a während de Vakanzendeeg zouhalen, wat der Iddi vun engem Kulturraum widdersprëcht).



*Zanter Februar 2024: Videoiwwerwaachung gouf installéiert.*



*Renovatioun à la Bridderhaus: Buedzëmmerheizung, Wert ca. 3.000€ am Bâtiment 4.*



*Nato-Drot géint Obdachloser an Hënn virum Bâtiment 4.*

Insgesamt gouf et kee Verständnis fir déi Aart-a-Weis wéi d'Kulturproduktioun am Bâtiment 4 funktionéiert huet. Verdäitlecht gouf dat z.B. och duerch ëmmer nei "Sécherheetsmesuren": engem Käfeg ronderëm d'Terrasse virum B4, Räim déi just nach mat bestëmmte Schlësselen opginn, keng Léisung fir den Accès mat Autoen... mee och organisatoresch: frEsch wollt d'Kommunikatioun vum B4 an der Hand halen, d'Websäit ass réischt noom Kulturjoer fäerdegginn, gouf net geupdatet, an d'Kommunikatiounspersonal gouf zwar ë.a. iwwer de Bâtiment 4 ofgerechent, huet awer fir d'Konschthal an d'Bridderhaus geschafft. Social Media-Aarbecht an och visuell Kommunikatioun am Gebai selwer goufen laang Zait vu Leit aus dem B4-Kollektiv gratis gemaach, ënnert frEsch Opsiicht.

**b) D'Enn vum partizipative Projet**

Esou richteg an de Fokus vu frEsch ass de Projet Bâtiment 4 éischt nees gerutscht, wou sech d'Fro gestallt huet, wat no Esch2022 geschitt. Et ass nach méi kloer wéi virdrunner ginn, dass de Bâtiment 4 keng Prioritéit vu frEsch wor, d'Personal am B4 gouf Enn 2022 op een "facilitateur technique" reduzéiert, de Kollektiv vum B4 kruut d'Matsproocherecht bei Finanzen, Räim a Personal entzunn, mat der Behaaptung, dass d'Gebai ni als Selbstverwaltung geplangt wor - eng vun de Ligen, déi vu frEsch ouni Konsequenzen agesat ginn, fir de Projet vum Gebai kontinuéierlech z'appropriéieren, wei et hinne grad an de Krom/Budget passt. D'Francofolies/Nuit de la Culture-Personal krute Räim vum Bâtiment 4 als Alternativ zu hieren Büroen am Bâtiment 5 versprach an de leschten Ugestallten vum B4 gouf dementspriechend "transferéiert". Pläng, de Bâtiment 4 an d'Zentral vun der Biennale ze verwandelen si kurséiert.




*De "Bunker"-Projet gëtt aus dem Bâtiment 4 geheit*



*frEsch léisst d'Räimlechkeete vum Bunker-Projet verbarrikadéieren.*

Zanter de Gemengewahlen 2023 läit alles am Bâtiment 4 op Äis. Weder gouf wéi versprach Personal agestallt, nach gëtt et nach Budget oder Zesummenaarbecht fir d'Gebai. Eng grouss Zuel u Räim steet eidel an déijéineg, déi iwwreg sinn, konzentréieren sech just nach op hier eege Projeten. D'Iddi vun enger gemeinschaftlecher Plaz, enger "terre d'acceuil" fir Kënschtler*innen, ass net méi erëmzeerkennen.



*frEsch léisst d'CELL-Piazza ofrappen.*

Am Fréijoer a Summer 2023 kënnt et dann zu méi oder manner oppenen Ausernaanersetzungen. frEsch huet decidéiert, de Grënnungsmember "CELL" net weider ze finanzéieren an geheit de Projet F.U.T.U.R.E., e weideren groussen Esch2022-Projet zum Thema Klima an Nohaltegkeet, aus dem Gebai. E puer Méint méi spéit gëtt dann och de jonken Muséks- a Subkultur-Projet "Bunker", deen zesummen mat "noc.turn" Projeten am Bâtiment 4 realiséiert huet, virun d'Dier gesat. Et ass dëst deen gréisste Projet, deen aus de Kreeser vun Uni.lu-Studéierenden eraus entwéckelt hat.

*E frEsch Mataarbechter verbrennt zwee vun eise Banner*








*Kritik u frEsch*

# Protester vu Richtung22

Richtung22 gesäit d'Ëmstänn, ënnert deenen Konschtprojeten entstoen kënnen, ëmmer och als Deel vun de Projeten selwer. De Grupp mëscht sech aktiv an déi national **Kulturpolitik** an, versteet sech als Lobby vu jonke Konschtschafenden an huet och de Projet vun der Kulturhaaptstad kritesch begleed.



*Kritik muss ee verdroen kënnen: Nancy Braun Persiflage.*

Am Bâtiment 4 huet sech Richtung22 vun Ufank un fir de Projet vum Tiers-lieu agesat a vill Zäit a Resourcen investéiert, fir dëse Fräiraum fir d'Konscht z'erhalen an eng Perspektiv ze schafen. Eis ass awer kloer ginn, dass et frEsch net ëm d'Ënnerstëtzung vun der lokaler Kreatioun geet. De Bâtiment 4 als "Tiers lieu" schéngt fir frEsch just eng Tëscheléisung fir d'Notzung vum Gebai gewiecht ze sinn - den eigentleche Fokus läit bei Héichglanz-Events an de Prestige-Institutiounen.



Eise Protest wor haart a faarweg, an hu verschiddenen Decideuren zu Esch net gefall. Mir konnten awer wichteg Diskussiounen ustoussen an domat d'Fro vun der Nohaltegkeet vun Esch2022 nees an de Fokus réckelen. frEsch ass op d'Diskussiounen net agaangen, huet zanter Méint konsequent all Versuch, konstruktiv iwwer d'Zukunft ze schwätzen, ignoréiert a Richtung22 dann fir Enn Mee 2024 gekënnegt.



*Wéi et weidergeet*

# D'Zukunft vun der Kultur zu Esch

De Versuch vu frEsch Richtung22 aus dem Bâtiment 4 an aus der Stad Esch ze geheien, verdäitlecht, wéi een **hegemonialt Verständnis** frEsch vu Kultur huet. An dësem Joer verfüügt frEsch iwwer ee Budget vun iwwer 7 Mio. €, an dat obschonns d'Konschthal an d'Bridderhaus net méi Deel vu frEsch sinn. frEsch ass mëttlerweil ganz op Events ausgeriicht, op d'Nuits de la Culture, op d'Francofolies an déi nei Biennale. Dass frEsch donieft och nach ee Gebai ze verwalten hätt an eigentlech dofir zoustänneg ass den "Connexions"-Plang ëmzesetzen a fir eng Nohaltegkeet vun Esch2022 suerge soll, passt net zur Ausriichtung vun der Association.




*KuFa-Sticker vun 1996*

Et ass konsequent, dass frEsch versicht ee Maximum u Suen um Bâtiment 4 ze spueren, net dat néidegt Personal rekrutéiert a ganz d'Kontroll iwwer d'Räim hu well, fir se am Kader vun Evenementer zur Verfügung ze hunn. Dass iwwerhaapt nach Kreativer am Bâtiment 4 sinn ass historesch gewuess a gëtt elo vu frEsch Stéck fir Stéck korrigéiert. CELL, Bunker a Richtung22 waren déi Gruppen, déi nieft HARIKO am meeschte Liewen an de Bâtiment 4 bruecht hunn an eng Eegendynamik entwéckele konnten. HARIKO huet ee groussen Deel vun de Renovatiounskäschte vum Gebai iwwerholl, kann also net virun d'Dier gesat ginn.




*Signalisatioun um B4 wärend den Francofolies*

En richtegen Tiers-Lieu Culturel am Bâtiment 4 ass net gewollt, an wor warscheinlech och ni gewollt. Entspriechend Etuden, z.B. déi vun der Universitéit Avignon, hält frEsch am Tirang verstoppt. Richtung22 huet déi lescht Méint de Bâtiment 4 net méi als gemeinsame Projet, als Tiers-Lieu oder als gemeinsam Plaz vun der Innovatioun gesinn, mee, wéi och déi aner Gruppen a Kënschtler*innen, just nach als Aarbechtsräim. Genee dës Aarbechtsräim an d'Doheem vun eisem Grupp si mir awer bereet ze verdeedegen. Mir gesinn am Versuch vu frEsch eis fortzejoen och d'Chance fir nees méi breet an der Gesellschaft iwwer Kulturpolitik ze schwätzen. Mir kënnen dobäi op all eis Memberen, eist Ëmfeld an eis Alliéierter zielen a si prett, eis Existenz zu Esch ze verdeedegen. Mir gleewen nämlech nach ëmmer un d'Potential vun dëser Stad.

*Problemer uschwätzen ass Deel vun der DNA vu Richtung22*

